

# **Rapport vun der « Assemblée générale » vum 6. Abrëll 2006 (Welfreng)**

*Présences* : Deneden, Fautsch, Scherrer, Simon, Spautz, Raus, Steichen, Welfringer, Wolter

*Représentant (CGFP)* : Camille Weydert (Vize-Präsident)

*Excusés* : Muller (Nico), Muller (Claudine)

*Ordre du jour* :

1. Allocation de bienvenue et approbation du rapport de l'assemblée générale de 2005
2. Rapport d'activité
3. Rapport du trésorier
4. Rapport des réviseurs de caisse
5. Désignation de nouveaux réviseurs de caisse
6. Elections au comité
7. Programme d'actions
8. Divers
9. Dîner

## **1. Allocation de bienvenue de la présidente et approbation par acclamation du rapport de l'assemblée générale de 2005**

## **2. Rapport d'activités 2005/2006 de la présidente :**

- AG 2005 - 24 mars 2005 : De Rapport läit aus.
- Réunion du comité - 14 avril 2005 : Tâcheverdeelung, Entrevue Ediff ufroen
- Réunion du comité - 26 mai 2005 : Virbereedung Entrevue Ediff
- Entrevue Direction Ediff - 31 mai 2005 : D'Mme Vouel huet erkläert datt am Kader vum neie Schoulgesetz d'Schoulen Entitéite gin, wou och d'Kanner aus der Ediff anzéie solle an och schons angezun sin. De Srea get och régionaliséiert. D'Ediff huet als Iddi „Sonderpädagogogen“ ze kréien, déi dann um Terrain eng spezifesch Formatioun kréien.  
  
Weider Themen: SREA, CL-Gesetz, formation continue, Atelieren fir déi jugendlech Gehörlos-Kollaboratioun matt den ateliers propédeutiques, keng Fusioun Ediff/CL  
Et wor kloer, datt déi Discussioun Logo autonom zur Ediff endlech ofgeschloss wier, wat Rumeuren déi lescht Zäit leider nees widderleën.
- Proffekonferenz - 24 octobre 2005 : 3 Kandidaten fir an de Logosproffe-Stage sin als Chargé agestallt, obwuel Posten do sin. Informatioun datt si sech kennen un de SLO wenden.
- Entrevue Mme Miesch avec les « stagiaires » - 17 novembre 2005 : All Kandidaten fir an de Stage fir Logosproff kommen an de Stage ouni Concours, déi 3 déi bis elo als Chargé agestallt woren, an déi 2 déi am Januar färdeg gin. D'Plaze gin an der Presse publizéiert. Et sin 2 Posten bäikomm!
- > Reçu avant-projet Schoulgesetz (IS en mains par LM) - 18 novembre 2005
- Accord écrit de Mme la Ministre conc. les stag. (LM tél IS) - 22 novembre 2005
- Réunion du comité - 25 novembre 2005 : Explicatiounen zum Thema Stagiairen Discussioun Schoulgesetz
- Conférence des Comités CGFP - 13 décembre 2005
- Entrevue Mme Miesch Schoulgesetz - 22 décembre 2005 : Mir woren op enger Ligne. Déi wichtegst Punkten hun mer am Bréif un d'Madame Minister formuléiert:
- d'Dezentralisatioun ass gudd, mee d'Logo muss Kompetenzenzentrum bleiwen an et dirfe keng Klassen matt engem Amalgame vun Problemer entstoen.

- Et dirfe keng 2 Statuten vun Logosproffen entstoen (CL an Gemenge), wéi ass et mat der Formation vun den Logospr. déi an der Gemeng agestellt gin?
- D'Scolaritéit am Primär ass op 7 Joer beschränkt, dat ass awer eng Barrière fir verschidde vun eise Kanner.
- Den Direkter aus dem Centre de Logopédie misst an der nat. Schoulkommissioun virgesin sin

Do dernieft wore mir der Meenung:

- CMPP rég. gin opgewärt, d'CMPP vun der Logo ofgeschaf. Dat muss am Logogesetz geklärt gin.
- D'Populatioun vun eise Kanner muss genee beschriwwe gin.
- Verwaltung vum Dossier vun all Kand an der CMPP rég.-> Secteursaarbecht?
- Art. 51 : den Dépistage muss vun der Logo gemat gin
- Encadrement périscolaire klären

➤ Lettre à Madame la Ministre - 2 janvier 2006

➤ **Entrevue avec Madame la Ministre - 1<sup>er</sup> février 2006**

- D'Mme Minister huet déi selwecht Bedenken a Bezug op eng **Verwässerung vun de Kompetenzen a vum Schafen vun engem Amalgam vu Problematiken an enger Klass**, also enger net méi problemspezifischer Betreuung. Si erklärt, wat hier Iwwerleeung war: De Staat ass duerch den NC ëmmer limitéiert. D'Gemenge stellen à tort et à travers Leit an. Dofir wier et besser, déi Gemengen, déi sech et leeschte kennen, giffen Leit matt deenen néidege Kompetenzen astellen. Mä et misst een sech dann iwwerleeën, ob dat kéint ënnert der Autorité fonctionnelle vum CL sinn.

Den SLO weist drop hinn, dass soss zwou parallell Structure kéinten entstoen (Staat a Gemengen). Et wier wichteg „Kompetenzzentren“ ze erhalen an am Beräich Sprooch- an Héierproblematik kéint dat nëmme de CL sinn. Do dernieft hätten d'Prof. d'ens. log. an de Gemengen sech deem jéweiligen Schoulinспекter als hierem Supérieur hiérarchique ze ënnerwerfen. Dat wier dann elo deen 2. Desavouement vun de Prof. d'ens. log.

Mir hun proposéiert am Artikel 66 ze vermieren, dass esou regional Klassen vun dem CL ofhänken. Den Här Jeitz erklärt, dass dat net esou geduet ass. Datt wuel weider regional Dépendancen vum CL gebild dierften a sollte ginn, mä dass dat Neit an deem vierleiden Text ging dora bestoen, dass pluridisciplinär Strukturen an de Gemenge solle gebild ginn fir verschidde Problematiken opzefänken, z.B. fir déi Kanner, déi net d'Chance hätten fir am CL opgefaangen ze ginn.

D'Mme Delvaux weist drop hinn, dass weenst dem Processus de Bologna eigentlech ee Reklassement vun allen E-Karrieren misst viergeholl ginn, mä dass keen wéilt eppes op deem Gebitt änneren, well dann alles ging un d'Rulle kommen an domatt immens vill Gehaltsfuederunge giffen an d'Spill kommen.

- Mir hun och d'Fro no der **Ausbildung** gestallt. Soll des Ausbildung och an de Gemenge méiglech ginn an dann hätt ee wirklech zwou parallell Strukturen? D'Mme Delvaux proposéiert, dass an d'Gesetz kéint stoe kommen, dass d'Prof. d'ens. log. missten am CL ausgebild ginn an och d'Formation continue misst matt deene spezialiséierten Zentren stattfannen (dat kéint an d'Personalgesetz stoe kommen).

- Zum am Artikel 51 viergesinnenen Dépistage erklärt d'Mme Delvaux, dass hier Lieblingsvariant fir den Dépistage ging doranner bestoen, dass eng pluridisziplinär Equipe ging zesummen an d'Klasse goen an dann zesummen do d'Kanner ging beobachten.

- Zum Thema vun den Dossier an de CMPP régionales an d'Roll vum Prof. d'ens. log.: D'Mme Delvaux seet, dass net fir all Kand een Dossier muss ugeluecht ginn. Mä wann een Dossier do ass, da soll och een Uspriechpartner fir d'Elteren do sinn. Dat muss awer net déi Persoun sinn, déi d'Interventioun mecht: D'Prof. d'ens. log. sollen NET Verwaltungsaarbecht maachen! Deen Uspriechpartner muss net eng Persoun sinn, déi fest an der CMPP ass, dat kann och d'Léierin oder Schoulmeeschter sinn! Dofir ass am Gesetz net d'Qualifikatioun vun der Persoun genannt ginn. Iwwerhaupt solle manner Dossier an d'CMPP régionales goen! D'schoulesch Equipen solle méi responsabiliséiert ginn! Den Här Brachmond bemierkt, dass net alles soll u Spezialisten ofgetruede ginn. De SLO kann déi Vue nëmme ënnerstetzen!!!

- Mir klären datt an engem speziellen Saz d'Ediff an d'Logo missten getrennt gin a schwätzen och iwwert d'Präsenz vun eiser Direktrice an der nat. Schoulkommissioun.

- Mir weisen drop hinn, datt tatsächlech d'Schoulmeeschtern an d'Léierinnen aus dem CL immens oft vergiess ginn. D'Mme Delvaux beobtraagt den Här Brachmond, sech dorems ze këmmere.

- Zur Limitatioun vun der Durée de scolarité am Primaire : ganz konkret giffen sech do Probleemer stellen fir déi vum CL betreite Kanner. D'Mme Delvaux erklärt, et missten tatsächlech Ausname virgesi ginn. Si erklärt, firwat am Text steet „7 Joer“: Wann an Zyklen soll geschafft ginn an all Zyklus an 3 Joer darf gemacht ginn, da wieren dat maximal 9 Joer. Da giffe verschidde Kanner einfach 9 Joer do setze gelooss ginn fir datt se hier Obligation Scolaire giffen erfëllen, ouni datt awer no hiere Bedürfnisser ging gekuckt ginn. D'Madame Delvaux bemierkt, et hätt nach keng Delegatioun, déi 7-Joer-Regelung gutt fonnt. Den Här Jeitz proposéiert fir prinzipiell un deene 7 Joer fest ze halen, awer Ausname vierzegesinn bei engem Accord vun Enseignant an Inspekter bzw. am Fall vum CL beim Accord vun der Directrice vum CL an dem Enseignant. Et get versechert eppes an deem Sënn an den Text anzebauen.

- Mir hun och nogefrot, inwiefern deen Text, deen sech jo eigentlech op Geméngeschoule bezitt, och op Staatsschoulen unzewenden ass. D'Mme Delvaux confirméiert, datt d'Ediffs- an dat neit CL-Gesetz musse parallell matt geschriwwen ginn. Enn März giffen dann nach eng Kéier Consultatiounen duerchgefouert ginn an virun Juni/Juli misst den Text duerch d'Chamber. Dann missten déi aner Gesetzer och prett sinn!

- Zum 20jähregen Jubiläum vun deem Bréif iwwerreechen mir nach eng Kéier d'Demande fir datt den SLO endlech den Agrément als Personaldélégatioun giff kréien . Dat huet jo geklappt!

- Mail R. Brachmond sit. des instituteurs - 3 février 2006
- Lettre d'agrément - 22 février 2006
- Réunion du comité - 23 février 2006 : Rapport un de Comité vun den leschten Entrevuen. Neit Logosgesetz beschwat.
- Aarbechtsentrevue Mme Miesch - Logosgesetz – 23 mars 2006

### **3. Rapport de la trésorière**

Rapport vum Anne Dernenen iwwert d'Ausgaben an d'Einnahmen vum leschte Joer.

### **4. Rapport des réviseurs de caisse**

De Joé Hoffmann an d'Claudine Arendt hun hieren OK gin. Décharge vun der trésorière (par acclamation de l'Assemblée)

### **5. Désignation de nouveaux réviseurs de caisse**

De Joé Hoffmann an d'Claudine Arendt hun sech nees gemellt fir d'next Joer d'Keeserevisioun ze man.

### **6. Elections au comité**

Et huet sech keen Neie gemellt fir an de SLO ze kommen. D'Isabelle seet offiziell, datt hatt nach bereet as, am Comité ze bleiwen mä ab Juli net méi an der Funktion als Presidentin.

### **7. Programme d'actions / 8. Divers**

- Diskussion iwwert e Proffendélégué, en Délégué fir am SLO an e Représentant fir d'FEDUSE déi sech musse mellen. D'Isabelle seet dem Georges Hermes Merci fir déi Arbecht déi hien an der FEDUSE fir de SLO gemat huet.

- Profil des enseignants (copies) : Diskussioun, ob Logosproffen dozou gehéieren oder net
- Neit Logosgesetz
- Besseren Informatiounsfloss : Schwarz Bried fir d'Leit z'informéieren

*(An der Schlusskonferenz vum 2. Trimester (7. Abrëll) hun sech folgend Leit fir folgend Posten gemellt :*

*Proffen-Délégué SLO : Michèle Lorang  
Représentant FEDUSE : Pierrette Maas)*

## **9. Dîner**

Déi next Comitésversammlung ass den 4. Mee 2006.

Fir de Comité vum SLO

Isabelle Simon  
Présidente

Nadine Welfringer  
Vize-Secrétaire